



Äntwert vum Wunnungsbauminister a vun der Madamm Inneministesch op d'parlamentaresch Fro n°5818 vum 22. Februar 2022 vum Här Deputéierten Max Hahn betreffend « terrains constructibles disponibles ».

Fro 1

Vun den 3.732 Hektar Bauland, déi an de Wunnzonen an an de gemëschten Zonen zur Verfügung stinn, leien 2.816 Hektar an „Nouveau quartier“-Zonen, fir déi e PAP muss gestëmmt ginn. Vun deenen 2.816 Hektar leien der 864 gläichzäiteg an enger Zone d'aménagement différé. Et leien also 1.952 Hektar an „Nouveau quartier“-Zonen, fir déi e PAP ouni zousätzlech Ëmklasséierung um Niveau vum PAG kéint an d'Prozedur goen.

Heibäi handelt et sech ëm dat Bauland, dat an deenen 89 Gemenge läit, déi am Kader vun der Raum⁺-Etüd analyséiert gi sinn. 12 Gemenge feelen nach, well se zum Zäitpunkt vun der Erhiewung nach keen neie PAG haten.

Fro 2

Vun den 3.750 Hektar ass bei 526 Hektar e PAP akzeptéiert ginn. 397 Hektar dovunner leien an enger „Nouveau quartier“-Zon, während déi aner 129 Hektar ausserhalb dovun leien.

De Staat huet keng Zuelen iwwer d'Unzuel vun Terraine, déi momentan an der PAP-Prozedur sinn, respektiv vu PAPen déi an der Ausaarbechtung sinn.

Fro 3

890 Hektar vun den 3.732 Hektar Bauland an de Wunnzonen a gemëschten Zone leien an engem „quartier existant“, wou deemno no enger einfacher Baugeneemegung direkt ka bebaut ginn, soubal de PAG an och d'PAP „quartier existant“ a Kraaft sinn.

Fro 4

D'ofgeännert Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain gesäit eng theoretesch Dauer vun 8,5 Méint fir eng PAP-Prozedur vir. De Staat huet awer keng statistesch Donnéeën iwwert déi duerchschnëttlech Dauer vun enger PAP-Prozedur.

Lëtzebuerg, den 23/03/2022.

De Wunnungsbauminister,
(s.) Henri Kox